N°3654
Entrée le 16.03.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro N° 3654 vum 13. Februar 2026 vum Här Deputéierte Marc Goergen iwwer de Gardiennage bei den CFL.**

Den honorabelen Deputéierte stellt Froen iwwer de Gardiennage bei den CFL. Déi follgend Informatioune goufe bei den CFL ugefrot.

**Wéi vill Sécherheetsagent:innen vu Protection Unit goufe virun der Iwwernam duerch Brinks fir d'CFL agesat?**

Am Kader vun der Iwwerhuelung duerch Brinks vun de Sécherheetsaktivitéiten, déi virdrun u Protection Unit zougedeelt waren, hat Protection Unit eng Lëscht vun 160 MataarbechterInnen matgedeelt, déi dem Kontrakt mat de CFL zougeuerdent waren.

**Wéi vill Leit goufe vu Brinks iwwerholl a wéi vill kruten een CDI a Vollzäit?**
**Wéi vill Persoune goufen net zu de viregte Bedingungen iwwerholl, a wat waren d'Grënn?**
**Wéi hunn sech zënter der Iwwernam duerch Brinks d'Iwwerstonnen, d'Krankeschäiner, den Absenteismus an d'Personalfluktuatioun am Gardiennage entwéckelt?**

Dës Informatiounen, déi an d'Gestioun vu Brinks falen, si weder am Besëtz vun den CFL, nach vu mengem Ministère.

**Wier et rechtlech méiglech, datt d'CFL direkt Sécherheetsleit ënnert eegenen CFL-Konditiounen astellen, an net iwwer eng extern Sécherheetsfirma? Falls jo: firwat gëtt dës Optioun net ëmgesat?**

D'Aktivitéit vum Gardiennage, déi zousätzlech speziellen Autorisatiounen an Obligatioune laut der gülteger Gesetzgebung an der Reglementéierung am Secteur ënnerläit, fält net an den Aktivitéitsberäich vum Groupe CFL.

**Ass scho bekannt, wien no deene provisoreschen 9 Méint de Gardiennage bei der CFL fir déi nächst véier Joer iwwerhëlt?**

D'Ausschreiwungsprozeduren sinn de Moment am gaangen, an d'Zoudeelung vum neie Kontrakt ass an de kommende Wochen virgesinn.

Lëtzebuerg, den 16. Määerz 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit
an ëffentlech Aarbechten
(s.) Yuriko BACKES